N°8026
Entrée le 24.05.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 24.05.2023

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 23/05/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Justiz weiderzeleeden.**

Am Artikel 372-2 vum Code Civil (Livre Ier, Titre IX, Chapitre Ier) heescht et :

> *"Chacun des parents contribue à l'entretien et à l'éducation des enfants à proportion de ses ressources, de celles de l'autre parent, ainsi que des besoins de l'enfant.*
> *Cette obligation ne cesse pas de plein droit lorsque l'enfant est majeur."*

Och iwwert d'Volljäregkeet eraus kënnen Elteren also verflicht sinn, fir hier Kanner do ze sinn, z.B. wann dës eng Vollzäit-Ausbildung maachen.

Grad wann d'Verhältnis tëscht den Elteren an de Kanner schwiereg ass, kann et fir déi Betraffen oftmools awer schwéier sinn, och no der Volljäregkeet nach an engem Ofhängegkeetsverhältnis ze liewen.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Awéifern sinn Eltere verflicht hier volljäreg Kanner bei sech wunnen ze loossen?
   Ass e volljäregt Kand am Elterenhaus anescht geschützt wéi een einfache Colocataire ouni schrëftleche Locatiounskontrakt?

2. Wéi vill volljäreg Jonker kruten an de leschten zéng Joer (pro Joer) vum Office nationale de l'Enfance (ONE) eng Ënnerkonft vermëttelt, well si net méi am Elterenhaus bléiwe konnten?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten

**Äntwert vun der Justizministesch, Sam Tanson, a vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Ufro Nr. 8026 vum 24. Mee 2023 vum honorabelen Deputéierte Sven Clement**

**Ad 1**

D'Gesetz vum 21. September 2006 iwwert de *bail à usage d'habitation* gesäit kee spezifesche Regime fir volljäreg Kanner vir. A priori si volljäreg Kanner domadder Bewunner ouni Berechtegung a kënnen expulséiert ginn, wann e Geriicht dëst ordonnéiert.

Den Artikel 372-2 vum Code civil obligéiert Elteren awer, hir Kanner och no der Majoritéit ze hebergéieren, bis datt déi erwuesse Kanner hir Bedierfnisser selwer decke kënnen a finanziell autonom sinn. Bei Erwuessenen Joncker, déi justifiéierte Studien noginn oder nach keng regulär Aarbechtsplaz fonnt hunn, sinn d'Elteren deemno verflicht, hir Kanner bei sech wunnen ze loossen.

**Ad 2**

Den ONE bitt follgend Mesuren un:

- Service Logement en Milieu ouvert (SLEMO):

Jugendlecher vu 18-26 Joer kréien een Ënnerdaach mat professionellem Encadrement ugebueden, wann eng *détresse psychosociale* festgestallt gëtt.

| ***Joer*** | ***Zuel vu Jugendlechen, déi an enger SLEMO-Mesure waren*** |
|---|---:|
| 2012 | 71 |
| 2013 | 102 |
| 2014 | 124 |
| 2015 | 164 |
| 2016 | 194 |
| 2017 | 242 |
| 2018 | 270 |
| 2019 | 318 |
| 2020 | 305 |
| 2021 | 347 |
| 2022 | 358 |

- Bon d’hébergement d’urgence (BHU):

E Bon d’hébergement d’urgence (BHU) ass en Angebot vum Service de la jeunesse vum Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend, a gëtt zum Deel och vum ONE ausgestallt. Jugendlecher vu 18-26 Joer kënnen de BHU fir e Maximum vun 30 Deeg an Usprooch huelen, wann si an enger *situatioun de crise* sinn. Si kommen dann an enger Jugendherberg ënnerdaach. Zanter 2023 gouf den Dispositif adaptéiert. Elo sinn et nach dräi Deeg an der Jugendherberg an déi aner Deeg, wann néideg, bei der Partner-ASBL “Wunnengshëllef”.

| ***Joer*** | ***Zuel vu Jugendlechen, déi Gebrauch vun engem BHU gemaach hunn*** |
|---|---:|
| 2015 | 2 |
| 2016 | 19 |
| 2017 | 64 |
| 2018 | 34 |
| 2019 | 37 |
| 2020 | 48 |
| 2021 | 67 |
| 2022 | 91 |

Lëtzebuerg, den 27 Juni 2023.

D' Justizministesch

(s.) Sam Tanson